Association Luxembourgeoise des Educateurs et Educatrices

Lëtzebuerg, den 24e Juni 2021

# Communiqué de presse

## En éischte Schratt vir eng Qualitéitssécherung an der Educateursausbildung

No eisem leschte Communiqué, de mir den 18e Mee 2021 kommunizéiert hunn, hat et net laang gedauert bis mer eng Entrevue mam Minister Claude Meisch an Aussicht gestallt kruten. De leschte Freideg den 18e Juni 2021, gouf eng Delegatioun vun der ALEE/CGFP da vum Claude Meisch a senge Beroder um Ministère empfaangen.

Mir hunn eis Bedenken zu der geplangter Passerelle sachlech an detailléiert argumentéiert. Obwuel mir weiderhin eng 1-järeg Ausbildung zum Educateur ganz kritesch an net am Interêt vun der Gesellschaft als Ganzes gesinn, ware mir awer bereet eis Iddien a Virschléi virzestellen. Eis Argumentatioun géint dei 1-järeg Ausbildung baséiert op Iddien déi weiderhin eng héich Qualitéit an der Ausbildung an am Beruff garantéieren. Domadder kennen och mëttel- bis laangfristeg Léisunge géint Penurie envisagéiert ginn, déi d'Situatioun nohalteg verbesseren.

Eis Virschléi goufe positiv opgeholl an de Minister Claude Meisch a mir als ALEE/CGFP waren eis eens datt et sech em interessant Iddien handelt, déi och an Zukunft méi jonk Erwuessen dozou beweege kënnen, eng Karriär am sozialpedagogesche Secteur unzegoen.

**An deem Kader hu mir zesumme festgehalen:**

-datt de Minister Claude Meisch eis eng komplett Transparenz zougeséchert huet, net nëmme vum Oflaf, mee och wat den Accès zur Dokumentatioun vum Pilotprojet ugeet,

-datt Vertrieder vun der ALEE/CGFP Member an der Evaluatiounséquipe wäerte sënn, déi de Pilotprojet "Passerelle SO" accompagnéiert an evaluéiert,

-datt mir zesummen am Austausch bleiwen a Bezuch op d'Inscriptioune fir d'Passerelle SO,

-datt d'Usprėch un d'Passerelle SO musse kloer sënn vir all Mënsch an et sollen net wéineger Schüler op eng 2GED an 1GED op Grond vun der Passerelle opgeholl ginn.

D'ALEE/CGFP ass frou datt Beweegung am Dossier ass a mir hoffen datt mir eis weider op dem konstruktive Wee vun Dialog an Austausch kënne beweegen.

MATGEDEELT VUN DER ALEE/CGFP